



Assemblée générale ordinaire du 9 avril 2013

Rapport d'activité du secrétaire général Thierry Ries

Affaire Wickreng/Léiveng

Eng nei ADEM Direktioun als Wonnermëttel géint de Chômage

Affaire em eng James Bond-Auer an illegal Ecouter

Annerhallef Prënzenhochzäit, (...)

Affaire Bommeleeër, elo seguer mat Prozess

Den Accord salarial an der Fonction publique: a Fro gestalt vun de sougenannte Gewerkschafts "Kolleegeen" aus dem LCGB

Affaire Cargolux mat Qatar, Frieden a vill tralala

D'Pensiounsreform: gestëmmt

Spuermoosnamen wou een hikuckt

An net ze vergiessen: mir sinn zwar net Poopst, déi déisäit der Musel och net méi, mä dofir si mir awer UN Sécherheetsrot.

Et war nawell vill lass zënter eiser leschter Generalversammlung. An awer ass een aus gewerkschaftlecher Siicht nawell hongereg vum Dësch gang.

Den 30. Mäerz 2012, um Dag vun eiser leschter Assemblée générale, hate CGFP a Regierung de Procès-verbal de conciliation vun engem Litige ënnerschriwwen deen d'CGFP am Januar 2012 dem Conciliateur ënnerbreet hat.

Net nëmme ware sech CGFP a Regierung zu deene strëttege Punkten eens ginn, mä de Minister Biltgen hat sech och nach engagéiert, allen Ënnerorganisationen eng schrëftlech Äntwert op hir Fuerderungen zoukommen ze loossen, ir mir dann

alleguer nach eemol vun him emfaange sollte ginn.

Mä et huet keng zwou Woche gedauert, du war dësen Accord de Pabeier net méi wäert op deem e stoung! Net nëmmen ënnerstëtzt, mä encouragéiert oder besser nach opgehetzt vun alle Parteien déi sech dann esou an eiser éierwerter Chamber ronderëmümmelen, huet d'Regierung sech net genéiert fir den Accord salarial aus dem Juli 2011 nees a Fro ze stellen. Ob gréng, blo, schwaarz oder rosarout, alleguer ware si sech eens: et kann dach net sënn, dass an dësen Zäiten d'Fonction publique eppes an der Päitüt bäikréie soll. Just deen eenzeg richteg Rouden vun "déi Lénk" huet bei dëser Hannerhăltegkeet net matgemaach.

Den Accord salarial 2011

Zur Erënnerung, well et ass schonn esou laang hir: de 15. Juli 2011 hat d'Conférence des comités vun der CGFP zwee Accorde virgeluegt kritt. Deen een iwver d'Reform an der Fonction publique, deen aneren am Kader vun de Gehälterverhandlungen fir d'Joren 2011 bis 2013.

Dës zwee separat Accorden hunn allerdéngs mussen als ee Ganz approvéiert oder refuséiert ginn. A fir dass d'Ënnerorganisationen déi ganz Saach dann och schlécken, hat d'Regierung esou wonnerbar Versprieche gemaach wéi d'Ofschafe vun der Krisesteier op den 1. Januar 2012, eng Prime unique vun 0,9% am Juli 2012 an eng Punktwerterhéigung vun 2,2% op den 1. Januar 2013.

Onnëtz ze soen, dass d'Ofschafe vun der Krisesteier huerteg ëmgesat ginn ass. Schliisslech betrëfft des Measure jo net nëmmen d'Fonction publique, mä och de Privatsektor. Wann et awer em d'Gehälteropbesserungen am ëffentlechen Déngscht geet, da kann een eemol esou en Accord nees ganz séier a Fro stellen. Dat sot sech emol d'Regierung an hat dobäi leider vergiess, dass si et selwer war, déi dësen Accord salarial mat an deen ominéise Reform-Package erageholl hat. Esou als klenge Leckerli fir dass mir och alleguer geblind vun dësem Ufall vu Generositéit all aner Kueberei aus dem Reformprojet zoustëmme sollten.

Ech hunn et d'lescht Joer scho gesot an ech soen et haut nees: vun dëser 2,2 prozentegeger Kiischt uewen um Kuch hu mir eis als AGC zu kengem Moment beandrocke gelooss. « Nie und nimmer wärte mir des 2,2% kréien » ! Dat war eis Meenung deemools an dat ass se jusqu'à preuve du contraire och nach haut. Just dass mir et deemools net gesot hunn, fir net als Buhmann an der CGFP do ze stoen

an esou dem Generalsekretär, dee jo awer aus eisen eegene Reie kënt och nach an de Réck ze falen.

(...)

Nei Negociatiounen

Mä ëmmerhin, déi nei Négociatiounen tëschen CGFP a Regierung hunn dann nees den 20 Abrëll 2012 ugefaang.

Allerdéngs hate mir als AGC schon 3 Deeg virdrun eng Invitatiou fir eng Entrevue mam Minister Biltgen kritt, genee esou wéi dat och am Accord de conciliation virgesi war.

Zwee Deeg drop si mir allerdéngs nees ausgeluede gi mat der Remarque, dass och keng schrëftlech Informatioun nokomme géif well de Ministère vun der Fonction publique nach keng Geleeënheet hat fir dem Regierungsrot déi nei Texter ze presentéieren.

« Nach keng Geleeënheet hat » ... Wann ech dat schon nëmmen héieren. Et waren dach schliisslech nëmmen eng dausend Säiten Text ze iwwerschafe fir dem Accord de conciliation Rechnung ze droen. An do sollen 2 bis 3 Wochen net duer goen ? Den Ënnerorganisatiounen haten se am Oktober 2011 zwou Woche gi fir eng schrëftlech Prise de position zu deem ganze Buttek vun 1.033 Säiten anzereeche.

Oder war et villäicht awer deen ee Punkt aus de « Considérations finales » deen déi ganz Saach méi komplizéiert mécht ? Hei den Original Text :

« Les deux parties marquent leur engagement ferme à une transposition de l'accord dans le cadre de la Fonction publique et de l'accord salarial, conclus et signés (am pluriel w.e.g!) le 15 juillet 2011. Les deux accords seront poursuivis en parallèle, déposés et discutés à la Chambre des Députés dans leur teneur initiale voire telle que précisée par la présente ».

Dat heescht also, dass d'Regierung den 30 Mäerz 2012 sech net nëmmen engagéiert huet, mä « ferme » engagéiert huet, den Accord salarial a senger Teneur initiale, well un deem war bis ewell nach net gefréckelt ginn, also esou wéi en de 15 Juli 2011 ënnerschriwwen ginn ass och ëmzesetzen.

A keng 14 Deeg méi spéit wollt des selwecht Regierung näischt méi dovun wëssen !

Kann ee mir soe wat ee vun esou Leit hale soll ? Ministeren déi engem net nëmmen dat Blot vum Himmel versprechen, dat ass e jo vu Politiker gewinnt, mä engem et och nach net nëmmen eemol mä direkt zweemol schrëftlech ginn ?

An da kommen se nawell nees ugedackelt a wëllen näischt méi dovun wëssen. Ech weess wéi een esou Leit op gutt lëtzebuergesch nennt, mä ech soen et awer net ...

An dat sinn och déi selwecht Ministeren déi dëst Land duerch déi aktuell Kris oder besser gesot Krise leede sollen, deenen ee gleewe soll, wa se engem ziele wéi schlecht et eis geet a wat nach alles op eis duerkomme wäert. Dozou kann ech nëmme soen: *bonjour les dégâts*.

Zu deem Thema fällt mir nawell e flotte kuerzte Witz an. U wat erkennt een, dass ee Politiker litt ? Ma ganz einfach ... dorun dass sech seng Lëpse beweegen.

E weider Kompromëss

Mä komme mir zeréck op déi nei Négociatiounen aus dem Abrëll 2012. No zum Deel kontroverser Verhandlungen, esou stoung et an der CGFP-Newsletter, ass et dann och schon nees den 27. Abrëll, also eng Woch méi spéit, zu engem Zousazaccord tëschen der Regierung an der CGFP komm. Dësen neie Kompromëss gesäit fir, dass déi versprache *Prime unique* net am Juli 2012, mä am Juli 2014 ausbezueelt soll ginn. Déi 2,2 Prozentesch Kiischt soll et dann am Januar 2015 ginn, falls se bis dohin net vermuuscht ass.

Als Géigeleeschtung vu Regierungssäit aus, sollen dann déi am meeschte kritiséiert Punkten aus der Reform och eréischt 2015 a Kraaft treden.

Wéini si scho méi Walen ? Ass dat net 2014 ? An déi nächst Regierung wäert sech och nach un dësen Accord halen ...

Ma sécher soen déi eng, mat hire bléibloen Aen. Et kënnt jo an d'Gesetz stoen. Déi aner déi sinn do awer e bëssi méi skeptesch oder éischer realistesch. Et stoung och emol am Gesetz wéi ech bei de Stat komm sinn, dass ech eng 5/6 Pensioun kréie wäert. Mä e Gesetz, da kann een änneren a scho war ech meng 5/6 Pensioun lass.

Et huet seguer eng Partei et fäerdeg bruecht de Sprong an d'Regierung ze packen an zwar mam Versprechen dat Gesetz nees réckgäנגeg ze maachen. Duerno konnten se sech leider net duerchsetzen an dat ominéist Gesetz ass a Kraaft bliwwen. Meng a villen aneren hir 5/6 Pensioun ass fort an haut wiedert déi selwecht

Partei aus den Oppositionsreien eraus géint de Gehälteraccord an der Fonction publique. Et kann dach net sënn ...

D'Conférence des comités vun der CGFP huet dësem Zousazaccord oder dësem weidere Kompromëss majoritaire zougestëmmt. Mir hunn als AGC mat 2/3 vun eise Stëmmen dofir gestëmmt. A ware mir nach am Juli 2011 an am Mäerz 2012 ze soen déi eenzeg déi net mat Hurra fir de jeeweilegen Accord gestëmmt haten, esou hunn dës Kéier och nach aner Associatioune sech e bëssi méi zeréckgehal, respektiv ganz dogéint gestëmmt. Well wéi heescht et esou schéin: wer einmal lügt ...

D'Vertrauen an des Regierung ass definitiv fort a kënnt esou bal net méi erëm. Zumindest emol fir d'AGC ! Mä och mir hu majoritaire dofir gestëmmt, well wa mir dësem weidere faule Kompromëss net zougestëmmt hätten, dann hätte mir der Regierung de Wee fräi gemaach fir eng strukturell Reform am Kader vun de Spuermoosnamen.

An ob dat déi besser Alternativ gewiescht wir, dat ass dach awer och ze bezweiwelen. Ob d'Regierung hirt Wuert hält, a méttlerweil wësse mir jo wat dës Regierung hirt Wuert wert ass, ob geschriwwen oder mëndlech, also ob si hirt d'Wuert hält an d'Chamber den Text stëmmt, dat bleift nach ze gesinn. An ob déi nächst Regierung sech drun hale wäert oder och net, dat steet nach an de Stären.

Een Oppositionspolitiker sot seguer op RTL: Jo sécher dat kann een esou stëmme, mä wann et dann emol esou wäit ass, da kucke mir emol ...

E leschten Echange de vues

Mä wéi och ëmmer. Nodeems den Zousazaccord den 27. Abrëll 2012 ënnerschriwwen gi war, dunn hat de Ministère vun der Fonction publique dann och op eemol d'Geleeënheet fonnt fir dem Regierungsrat déi nei Texter ze presentéieren.

Kuerz drop si mir als AGC, zesumme mat der ACFAG fir de 16. Mee 2012 ob een Echange de vues mam Minister Biltgen invitéiert ginn an zwar op dee leschten Echange de vues, wuertwiertlech «un dernier échange de vue sur vos revendications spécifiques». Begleet gouf des Invitatioun vun enger Note «reprenant de manière générale pour toutes les carrières les doléances écartées ainsi que les modifications transversales apportées aux mesures de réformes ». Ass dat da kee schéint franséisch ?

En hätt och direkt kënne schreiwen « dir hutt souwisou näischt ze gutt, mä kommt trotzdem bis laanscht, well ech hunn et jo der CGFP esou versprach ».

A wéi eescht de Minister et mat dësem Echange de vues gemengt huet, dat huet ee schonn doru gesinn, dass hien eng gemeinsam Réunion vum annerhalef Stonn zesumme mat der AGC an der ACFAG virgesinn hat.

Mir hunn dëser Entrevue zougesot, mä zesumme mam President vum der ACFAG dee jo och Vize-President vum der AGC ass, op zwou separat Reunionne bestan. Schliisslech sinn d'Revendicatiounen vum eisen zwou Associatiounen dach awer verschidden, zëmol d'ACFAG d'Personalverriedung vum der Administration gouvernementale ass, wat de Minister Biltgen an deem Fall och nach zu hirem Ministre du ressort mécht.

Mä, och dës drëtt Réunion mam Minister huet eis alles anescht wéi Satisfacioun bruecht. Vun Ufank u sot hien eis kloer an däitlech, dass eng strukturell Modifikatioun vum Barème am Intérêt vum de Redakteren absolut onméiglech wier an eng Promotioun oder och nëmmen en Avancement en traitement an de Grade 14 ausgeschloss an net ze diskutéiere wieren.

Esou een Avancement en traitement hu mir jo an eiser Prise de position zu den Avant-projeten gefuerdert. Domat wëlle mir erreechen, dass och mir genee esou bezuelt gi, wéi déi d'Bacheloren déi no eis kommen an eis Attributiounen a Postes à responsabilités iwwerhuele wäerten.

Mä dës Fuerderung huet de Minister Biltgen fir eng Saach vum der Onméiglechkeet gehal. Hien huet sech och net genéiert fir eis riicht eraus ze soen, dass aner Carrière vill besser placéiert wiere wéi mir, fir op eng gewëssen Ënnerstëtzung an der Chamber zielen ze kënnen.

Dat war dach emol ausnamsweis eng kloer Ausso ! Esou zimlech déi eenzeg an dëser dach méi ewéi iwwerflësseger Entrevue.

Zum « Mécanisme complémentaire de changement de groupe » war hien dunn awer der Meenung, dass een des Procédure net zevill complizéiert maache soll. Dofir huet hien dann och proposéiert dee geplangte Mémoire duerch een « Travail de réflexion » iwwer seng eegen Aarbecht ze ersetzen.

Bei dëser sougenannter « Voie expresse » geet et jo dorëms, Beamten déi op mannst 15 Joer Déngscht hunn, am Niveau supérieur klasséiert sinn, dat ass deen aktuelle Cadre fermé, an ee Poste à responsabilité bekleeden, fir dës Beamten also iwwer eng vereinfacht Procédure an ee méi héige Groupe de traitement ze hiewen.

E Changement de carrière « light » wann een esou wëll vun deem bis zu 20% vun de Beamten aus engem Groupe de traitement, haut nach Carrière genannt profitéiere kënnen. Et handelt sech heibäi awer em eng Disposition transitoire déi op 10 Joer limitéiert ass.

Am Kloertext heescht dat, dass 20% vun de Redakteren iwwer dëse Wee aus dem Groupe B1 an de Groupe A2, d'Bachelorcarrière wiesselen kënnen, falls si dann déi genannte 3 Conditounen erfëllen.

Ma dat huet sech dach awer emol gutt unhéieren : 20% vun de Redaktere schreiwen en Travail de réflexion deen emol net bewert gëtt a scho wiesselen se vum B1 an den A2. Ass dat net wonnerbar ?

Mä schonn ass deen éischten Dämpfer komm.

Et geet hei net dorëms, 20% vun de Redakteren d'office an den A2 ze hiewen. Fir d'éischt müssen d'Verwaltungen emol déi néideg Posten am A2, der Bachelorcarrière schafen an hinnen Attributiounen zouweisen déi iwwer deene vum Redakter leien. An dat Ganzt w.e.g. am Kader vun engem schéinen Organigramm.

Eréischt dee Moment kann ee Redakter sech op esou ee Poste mellen. Dee Pourcentage ass also just e Maximum a keng Garantie dofir dass 20% vun de Redakteren an de Groupe A2 erakommen.

Mä bei dëser Regierung ass een et awer scho bal gewinnt: mat der enger Hand gëtt se engem eppes a mat der anerer hëllt se et nees séier a wann ee Pech huet och nach duebel eweg.

An deem Sënn encouragéiert de Minister Biltgen eis dann och nach an de Personalverriedungen dofir ze suergen, dass esou vill wéi méiglech vun eisen aktuellen Attributiounen iwwer den Organigramm an de Groupe A2 transferéiert solle ginn. Op déi Manéier krite mir eis Carrière dann och opgewert. Fir mech héiert dat sech awer éischer u wéi wann een engem rode géif deen Aascht ofzesäen op deem ee grad sëtzt.

An och wann de gudde Mann eis schonn an eisen zwou éischte Réunioune versécheret hat an ech zitéieren hien nees eemol « et woar net eis Absicht fir äesch unzeschäissen », dann hunn ech awer ëmmer méi Problemer fir him dat ze gleewen.

Op jidder Fall si mir aus dëser Réunioun méi konfus erauskomm wéi mir era gaange sinn. A Plaz Froen ze beäntweren, hat dës Entrevue der just nach méi opgeworf.

Fir also vun der « Voie expresse » ze profitéieren, do muss een op engem Poste à responsabilités sëtzen, en travail de réflexion iwwer seng eegen Aarbecht schreibe fir dann e Posten ze briguéieren dee laut Organigramm am A2 klasséiert ass an deem seng Attributiounen iwwer deene vun engem Redakter leien. A wou kommen déi Attributiounen da wuel hir ? Aus dem Aarm gerëselt oder aus dem Stee geschlo oder awer bei de Redakteren eweg geholl. Well d'Carrière supérieure déi gëtt jo sécherlech keng hir.

A wann esou een upgegradete Redakter a Pensioun geet, da gëtt de Posten nees zeréck an de B1 transferéiert. Esou stoung et emol am Avant-projet. A wéi ass et da mat den Attributiounen ? Kommen se zeréck oder bleiwen se do ? Fir mech héiert sech dat do esou u wéi « Brot für die Welt, aber die Wurst bleibt hier ». An aner Wieder Anschiss royal op der ganzer Ligne!

Op all dës Froe wousste mir also keng Äntwert an dofir hu mir de Minister den 8 Juni 2012 schréfftlech opgefuerdert eis en Avant-projet iwwer de Mécanisme complémentaire zoukommen ze loossen. Mä wéi erwaart huet hie bis haut nach net op dëse Courrier reagiert.

Den Dépôt vun de Projeten

De 26. Juli 2012 sinn dunn och all d'Projeten zu de Reformen an der Fonction publique, inklusiv dem Accord salarial an der Chamber déposiert ginn.

Ech misst elo léie wann ech behaapte géif mir hätten eis dann och direkt a mat voller Begeeschterung op dës nei Texter gehäit fir se ze analyséieren an ze kommentéieren.

Well mir hunn et dës Kéier och emol esou gemaach wéi d'Kollegen aus dem Enseignement. Elo war emol grouss Vakanz an duerno kucke mir wéi et da weider geet. A souwisou wäert d'Exécutiv vun der CGFP sech den Texter schonn unhuele fir eis bei der Rentrée am Hierscht soen ze kënnen ob dat och alles esou ass, wéi si dat mat der Regierung ofgemaach haten. Zumindest emol wat den Intérêt general ugeet.

De 17. Oktober 2012 war dann och Rentrée syndicale an der CGFP mä iwver déi déposéiert Projeten ass weider net geschwat ginn, well nach op eng Juxtaposition vun den aktuellen an zukünftigen Texter gewaart ginn ass.

Also hu mir eis dann awer an der AGC zu enger sommairer Analyse vun de Projeten hiräisse gelooss a se emol mat eiser Prise de position verglach. Ech kann iech soen et war méi wéi ernüchternd. Net dass mir eis eppes anescht erwaart hätten, mä trotzdem e klengen Hoffnungsschimmer war jo awer nach do. Besonnesch bei Klenggekeeten déi u sech näischt kaschte géifen oder zumindest net ganz vill.

Esou hu mir zum Beispill an Kader vun deem onsägleche Bewertungssystem op eng méiglech Feelinterpretatioun higewisen a proposéiert den Text esou ze complétéieren, dass en net falsch interpretéiert ka ginn. Eng kleng Ajoute vun engem halwe Saz. Ni plus, ni moins an et wier zumindest emol kloer. Mä dës Propose ass leider net zeréckbehal ginn.

An och déi nei Texter iwver de Congé sans traitement oder pour travail à mi-temps waren am Avant-projet net ganz eendeiteg. An deem hei Fall huet de Ministère vun der Fonction publique den Text awer esou geännert dass en elo ganz onmëssverständlesch ass an d'Limite vun 10 Joer sech ganz kloer net op de Congé « pour élever un enfant âgé de moins de 15 ans » bezitt.

Mä à propos 15 Joer. Hei hate mir och nach proposéiert dës Limite un d'Schoulpflicht unzepassen an déi geet ewell bis 16 Joer. Leider ass och dës Propose einfach nees ignoréiert ginn.

Dat selwecht gëllt dann och wat d'Dénomminatioun vun eise Funktiounen ugeet. An Zukunft gëtt et nach just Redakteren an Inspekteren, ausser an der Douane wou déi aktuell Titele bestoe bleiwen.

Nodeem also den Terme « Carrière » komplett aus der Terminologie am öffentlichen Déngscht gestrach ginn ass an duerch deen onsäglesche Begrëff « Groupe de traitement » oder seguer och nach « Sous-groupe de traitement » ersat ginn ass, verschwannen dann och nach déi hierarchesch Dénominatiounen vun deenen eenzelne Graden.

Et schénkt esou ze si wéi wann de Minister dorop aus wier fir de Beamte wäitgehend ze anonymiséieren, esou dass ee sech zum enge jo nëmmen näischt op säi Grade oder seng Funktioun abille kann, an et zum aneren awer och net weider opfällt wann ee Beamten deen dem Chef d'administration genehm ass eng Rei anerer iwwersprange wäert.

A wéi kann een dann an Zukunft nach iwwerspronge gi fro dir iech bestëmmt ? Mir kréien dach elo alleguer dee fuschneien Automatismus am Niveau supérieur, deem aktuelle Cadre fermé. Ma dat ass dach ganz einfach ... mä dozou kommen ech méi spéit.

Also keng Carrière méi, keng Titele méi a wéi ass et da mat eisen Attributiounen a Postes à responsabilité ? Ma do kréie mir dach dee schéinen neie « Mécanisme complémentaire de changement de groupe », och nach Voie expresse genannt.

A wann eng vun den 3 Conditione fir dëse Mechanismus am Avant-projet nach déi war, dass een huet mussen op engem Poste à responsabilité sëtzen, da steet am déposierte Projet, dass ee muss Funktiounen an Attributiounen ausüben déi méi engem héige Groupe de traitement zoustinn.

Gëtt dann esou e Changement de groupe duerchgezunn, da kënnt et zu enger temporairer Conversion de poste. Den Effectif am B1 geet em een erof an deen am A2 em een erop.

Den Text gesäit awer och vir, dass dee Moment wou esou e Beamten a Pensiou geet de Posten nees aus dem A2 zeréck an de B1 transferéiert gëtt.

Mä hei schwätze mir vum Posten u sech a net vun den Attributiounen. Fir dass d'Voie expresse zum droe kënnt muss et sech jo em "des fonctions et attributions supérieures à celles revenant à son groupe de traitement initial" handelen.

Ginn déi Attributiounen dann elo nees zeréckgestuift dee Moment wou de betraffene Beamten a Pensioun geet? Wuel kaum. An domat wäerte mir selwer dofir suergen, dass eis Carrière, pardon eise Sous-groupe de traitement all seng Attributiounen, Sujétiounen a Responsabilitéiten un de Groupe A2 verléiere wäert.

Mir hate jo proposéiert deene Redakteren, déi op engem Poste à responsabilités setzen einfach en Avancement en traitement an de Grade 14 ze ginn. Domat hätt eis Carrière och no der Reform eng Zukunft gehat.

Mä de Minister Biltgen gesäit dat jo ganz anescht an ass op dësem Punkt zu kenger Diskussioun bereet. Nom Motto « alles muss raus » wäert no der Reform de globalen Ausverkauf vun eisen Attributiounen ugoen. Wat a moyen terme nach vum stolze Réckrat vun der Verwaltung iwwereg ass, dat kann een haut nëmmen errodieren. Ganz vill wäert et op jiddefall net méi sinn.

Dem Här Biltgen kann a wäert dat dee Moment esou laang ewéi breet sinn, well Minister vun der Fonction publique ass hien zu deem Zäitpunkt sécherlech net méi. Seng Missioun huet hie bis dohin awer mat Bravour erfëllt.

Eng weider Disposition transitoire erlaabt et de Redakteren nach während 10 Joer vum Groupe B1 an de Groupe A1, also d'Carrière supérieure authentique ze wiesselen. Allerdéngs och nëmmen iwwer eng vill méi komplizéiert Prozedur. Mir hate gefuerdert, dass aus dëser Iwwergangsbestëmmung eng zäitlech onbegrenzten Dispositioun sollt ginn. Mä och dat ass net zeréckbehale ginn.

Eng kleng Victoire schéng mir dann awer bei der Formation générale während dem Stage erreecht ze hunn. Huet den Avant-projet hei nach eng Réduktioun vu Stonne virgesinn, da bleift et am déposierte Projet awer elo bei den aktuellen 372 Stonnen. Mä et ass nëmmen eng kleng Victoire, schliisslech hate mir jo awer eng Augmentatioun vun dëse Stonne gefuerdert.

An dat war et dann och scho bal wat d'Analyse vun den déposierten Texter ugeet. Mä nëmme bal, well deen décksten Hond deen hunn ech mir fir zum Schluss versuergt: den Automatismus am Niveau supérieur.

Den Automatismus am Niveau supérieur

De 15. Juli 2011 hate mir jo esouwuel den Accord salarial wéi och den Accord iwwer d'Reformen an der Fonction publique mëndlech presentéiert kritt, inklusiv deem neien Automatismus am Niveau supérieur.

Mir hunn deemools der Saach zwar net esou richtig getraut an hunn trotzdem doru gegleeft. Anerefalls hätte mir dem Accord net zougestëmmt. Fir eis war deem neien Automatismus dat Argument fir majoritaire dofir ze stëmmen.

Mä wéi mir bis den Dag dorop den Text vum Accord geliess hunn, du hu mir leider musse feststellen, dass weder den Automatismus nach d'Recht op des Promotiounen explizit virgesi waren.

An engem Mail hu mir direkt der CGFP eis Bedenke matgedeelt.

No der Publikatioun am Oktober 2011 vun den Avant-projeten war et dunn awer definitiv kloer. Hei war op eemol Rieds esou wuel vun engem « peut » wéi och vun engem « au plus tôt ». Also kee Recht a scho guer keng automatesch Promotiounen spéitstens, mä fréistens no 3 Joer.

Och dës Remarque hu mir direkt un d'CGFP gemailt, zesumme mat enger Proposition de texte, wéi et da richtig heesche misst, fir dass et och am Niveau supérieur en Automatismus gëtt.

No enger Interventioun vun der CGFP an no eiser Entrevue « technique » mam Minister Biltgen gouf du kuerz viru Chrëschttag 2011 dësen Automatismus an enger Note vum Minister confirméiert.

Mä nees eemol stécht den Däiwel am Detail.

Am déposéierte Projet ass zwar tatsächlech aus « les promotions peuvent intervenir » den Text « les promotions interviennent » ginn, allerdéngs ouni dass den « au plus tôt » gestrach ginn ass. Dat heescht, dass een an Zukunft zwar e Recht op eng Promotioun huet, mä fréistens all 3 Joer. Op déi Manéier ass eng Promotioun déi een net no 3, mä no 4, 5 oder 10 Joer kritt, ëmmer nach am Délai, well et huet ee se jo fréistens « au plus tôt » no 3 Joer kritt.

An et stoung seguer esou an der Note vun deeër ech elo grad geschwat hunn. Hei huet de Minister Biltgen ugekënnegt, den Text iwwe den Automatismus ze änneren « afin d'éviter toute interprétation équivoque des futures dispositions en matière d'avancements ».

A weider am Text vun der Note, « ces formulations telles que « les promotions aux grades (...) peuvent intervenir (...) » seront à chaque fois remplacées par les nouvelles formulations « les promotions aux grades (...) interviennent, sous réserve que toutes les conditions prévues par la loi soient remplies, (...) ».

Hei hält awer den zitéierten Text aus dem Avant-projet op. Just virum « au plus tôt ». Et war also ni dem Minister seng Absicht fir des Formulatioun aus dem Text ze sträichen.

Leider ass et kengem opgefall bis den Text da schlussendlech déposéiert war. Dës béiswëlleg an hannerhälteg Aart a Weis hu mir am Comité vun der AGC am November 2012 schaarf veruerteelt.

De Romain Wolff sot dann och d'CGFP géif beim Minister intervenéieren fir dass den Automatismus am Niveau supérieur explizit an de Text stoe kënt.

Op der grousser Conférence des comités élargie am Dezember huet hien dëst dann och zur Sprooch bruecht an d'Regierung onmëssverständlesch opgefuerdert, déi betrafte Paragraphen direkt nozebesseren, anerefalls géif d'CGFP zu gewerkschaftleche Mëttele gräifen, fir deem Mëssstand do en Enn ze bereeden.

Dat war wéi gesot am Dezember. Et huet dann awer nees bis an de Mäerz gedauert, bis d'CGFP an de Minister vun der Fonction publique nees eemol zesumme souzen an dat däregt Thema vum « au plus tôt » zur Sprooch komm ass.

Während de Verhandlungen hat jo een héige Beamten aus der Fonction publique erkläert dass deen « au plus tôt » zugläich och als « au plus tard » ze verstoe wier. Dat entsprécht awer net deem wat eisereen nach an der Schoul geléiert huet. An de Larousse mécht och haut nach en Ënnerscheid tëschen tôt an tard. Et ass also alles eng Fro vun Interpretatioun.

An hei ass de Minister formell. Sollt et Interpretatiounsprobleemer ginn, da géif den Text selbstverständlech geännert ginn.

Mir weisen elo schonn zënter der Publikatioun vun den Avant-projeten drop hin, dass

den Text definitiv keen Automatismus virgesäit. Mir hunn an eiser Prise de position seguer en neien Text proposéiert!

An awer ass den « au plus tôt » tel quel an de Projet iwverholl ginn. Fir mech gesäit dat do manifestement no schlechtem Wëll aus oder et ass schlicht an ergräifend Unvermögen. Mä dat kann ech mir vun esou héich studéierte Leit net esou richtig virstellen.

Also bleiwe mir beim schlechte Wëll. An dat ass och net gutt !

Well ween décidéiert da schlussendlech ob et dann elo Interpretatiounsprobleemer ginn oder net? Ma déijéineg déi den Text geschriwwen hunn a fest dovun iwverzeegt sinn, dass « au plus tôt » zugläich och « au plus tard » heescht.

A wa sech un deem Text do net geschwënn eppes ännert, da wäerte mir als AGC de Conciliateur mat engem Litige saiséieren. Intérêt général hin oder hir! Mä dass dësen ach esou héich geschätzten Intérêt général souwisou net fir jidderee gëllt, dat hunn eis wéi üblech d'Enseignante virgemaach.

E leschte Bréif un de Minister

Virun engem Mount hu si et halt nees fäerdeg bruecht eng Extrawurscht am Kader vum Bewertungssystem erauszeschloen.

No engem Joer Verhandlungen, well mat hinne gëtt verhandelt, hunn SNE a FEDUSE en Accord mat der Regierung fonnt (...)

Dozou kann een nëmme soen, dass et scho flott ass, wann een eppes an der Hand huet, e richtegt Drockmëttel, fir der Regierung de Bass ze halen oder einfach ausgedréckt (...).

Mä kënne mir elo dowéinst op d'Barikade goen ? Aus puerem Sozialnäid ? Wuel kaum. Dat géif eis mat Sécherheet näischt nützen an et wir en plus e Schlag an d'Gesicht fir d'CGFP an dat kann ee sech jo eigentlech als Ënnerorganisatioun nëmme schlecht leechten. An als AGC leider nach vill manner ...

Fir eis war et awer den Ophänker fir nees eemol e Bréif un de Minister Biltgen ze schécken. Keen neie Mémoire an och keng weider Prise de position ! Mä nach just a riicht eraus déi 4 Revendicatiounen déi eis elo nach am meeschten um Häerz leien :

- Suppressioun vun der Formulatioun « au plus tôt » aus allen Dispositiounen déi d'Redaktere betreffen
- entweder eise gefuerderten Avancement en traitement an de Grade 14 fir all Redakter op Grond vu sengem Poste à responsabilité oder awer de « Mécanisme complémentaire de changement de groupe » soll fir 20% vun alle Redakteren spillen an zwar op Grond vun hiren aktuellen Attributiounen
- de Changement de groupe aus dem B1 an den A1, soll fir ëmmer bestoe bleiwen an net nëmmen als Disposition transitoire
- a schlussendlesch sollen och déi aktuell Dénominatiounen vun eise Funktiounen, dat heescht eis Titelen och no der Reform bestoe bleiwen.

Mir hunn dem Minister an dësem Bréif an Ultimatum bis den 19 Abrël 2013 gestallt. Kréie mir bis dohi keng Äntwert, oder eng déi eis net passt, da wäerte mir de Conciliateur mat engem sektorielle Litige befaassen an zwar well d'Formulatioun « au plus tôt » net bei de Redaktere gestrach ginn ass, well d'Redakteren keen Avancement en traitement an de Grade 14 kréien, well d'Redakteren no 10 Joer net méi an d'Carrière supérieure authentique era kommen a well d'Redakteren no der Reform hir Titele verléiere wäerten. A wann dat kee sektorielle Litige ass, da weess ech et och net méi.

Parallel dozou hu mir awer och nach eng Entrevue mat der Commission de la Fonction publique an der Chambre des Députés gefrot.

Eng Äntwert hu mir awer bis ewell nach keng kritt, weder vun deem engem, nach vun deem aneren.

Dës onsäglesch an aus eiser Siicht total iwverflësseg Reform ass a bleift also och weiderhin eng däreg Affaire à suivre.

Conclusioun

An domat wier ech dann och um Enn vun dësem Rapport d'activité ukomm. Et war e gelungent Joer an aus gewerkschaftlecher Siicht kann een iergendwéi net esou richtig zefridde sinn.

D'Gewerkschaftsaaerbecht bréngt esou lues a lues ëmmer méi Frustratioun mat sech. Net nëmme well een näischt erreicht huet, mä well een zum engen agesi muss, das een

deem Ganzen ëmmer méi oft mat enger gewësser Ohnmacht géigeniwwer steet an zum aneren awer och leider feststelle muss, dass den Interessi bei eise Memberen net méi immens grouss ass.

An dat schränkt een a senger Handlungsfähigkeit als Gewerkschaft immens an. Mir kënnen als AGC sécherlech d'Procédure vum Litige am Kader vun de Reforme lancéieren. Et gi genug Punkten an ech hu se opgezielt, mat deene mir de Conciliateur saiséiere kënnen.

Mä dat Ganzt am Kader vum Gesetz iwwer den droit de grève. Dat heescht dass um Enn vun der Procédure de Streik steet. (...). A wann dat déi eenzeg Méiglechkeet ass fir der AGC eng leschte Kéier am Kader vun dëser ach esou historescher Reform Gehéier ze schafen, da wäerte mir dat och duerchzéien.

(...)

Well fir dass een haut nach ee mobiliséiert kritt, do muss et richteg un dat Liewegt goen. Kuckt wéivill Leit vun der Cargolux an der Luxair am November op der Clairefontaines Plaz stoungen a vergläicht se mat deenen déi géint d'Pensiounsreform demonstréiert hunn. A vun deeër Reform ass jidderee betraff.

Schonn alleng duerch d'Aussetze vum Ajustement.

Mä à propos Ajustement: dat ass dach d'Upassung vun de Pensiounen un d'Entwécklung vun de Gehälter. An der Fonction publique ass et zënter 3 Joer näischt méi an der Päitut bäiginn. A wou kënt déi Augmentatioun da wuel hir ? Ma aus deem schlecht bezuelten an ënnerprivilegierte Privatsektor !

An der Diskussioun em d'Walrecht fir Ausländer, huet sech d'Patronat aus deem Privatsektor virunn e puer Méint kloer fir esou ee Walrecht ausgeschwat. Hinnen hir Argumentatioun huet a mengen Aen dach awer zimlech ze wënschen iwwreg gelooss. Mä jugéiert selwer ...

Vu dass nëmme d'Lëtzebuerger bei de Chamberwale zougelooss sinn an ze soen och nëmme Lëtzebuerger an der Fonction publique schaffen, an elo kënt et, dofir ass hinnen hirer Meenung no d'Fonction publique an der Chamber iwwerrepresentéiert.

Majo dann hate mir jo bis ewell Chance, anerefalls wier wuel eise Pensiounssystem ofgeschaf, Nullronnen beim Accord salarial d'Regel, eng onsäglech Reform vun der

Fonction publique deposéiert, dee leschten Accord salarial em 2 oder villäicht nach méi Jore reportéiert oder seguer (...).

Mä zum Gléck ass d'Fonction publique jo an der Chamber iwwerrepresentéiert.

Dass mir, d'Redakteren, an der Chamber näischt ze radetten hunn, dat hat eis de Minister Biltgen jo schonn ze verstoe ginn.

Mä dat wäert eis als AGC net dovun ofhale fir eis och weiderhi fir de Groupe de traitement - sous-groupe administratif - Rédacteur anzesetzen. Mir wäerten der Regierung ganz genee beim Ëmsetze vun dëser Reform op d'Fangere kucken. Zum enge fir dass se eis net nach méi iwwer den Dësch zéien an zum aneren aus purem Jux, fir ze gesi wéi se sech dann dréien a kéiere wäerte fir verschidden Dispositionen en musique ze setzen.

An der Chambre des fonctionnaires si mir am gaang den Avis zu der Reform ze preparéieren. An ech kann iech soe wann ee sech dee ganzen Text vu fir bis hannen, an et si méi wéi 1000 Säiten, wann ee sech en also ganz am Detail ukuckt da muss ee sech ganz oft froen. A wéi sollen se dat do wuel hikréien?

Vun onpreeziiss, iwwer indigest bis hin zu incoherent, et ass vun allem dobäi. Plus déi eng oder aner Knaschtere !

A besonnesch fir d'Redakteren ass weider näischt Positives dobäi. Ofgesi vun engem Mechanisme complémentaire de changement de groupe. Deen entwéckelt sech awer ëmmer méi zu engem Cadeau empoisoné.

Well wat méi Redakteren dovun profitéieren, wat eis Carrière, fir awer nach e bëssi bei deem Terme ze bleiwen, wat eis Carrière ëmmer méi ausgehiegt gëtt.

Setze mir eis also fir dëse Mechanismus an, da schuede mir deenen déi net méi zum Zug komme wäerten. A wa mir eis dogéint wieren, da froen eis déi déi dovun profitéiere kënnen : ma hu dir se nach all ?

Et wäert an nächster Zäit net ganz einfach ginn. Villäicht muss d'AGC sech och e bëssi emorientéieren an eventuell de Krees vun hiere Memberen erweiteren. Well déi déi vun der Voie expresse profitéieren sinn dann an der Bachelorcarrière A2. Member vun der AGC kënnen awer nëmme Beamten aus der Carrière moyenne ginn, deem neien Groupe de traitement B1.

Esou oder esou musse mir eis Statuten der neier Terminologie no upassen an eis

bei der Geleeënheet iwwerleeë wou mir eis an Zukunft gesinn. Virun de Won sprange kënnen a wëlle mir net. Mä wann oder wee weess falls d'Reform bis gestëmmt ass, da musse mir eis och Gedanken iwwer eis Statute maachen.

Bis dohin awer konzentréiere mir eis weider op dat wat elo uläit a leeschten eisen Deel souwuel an der CGFP wéi och an an der Chambre des fonctionnaires. Well och eng CGFP ass nëmmen eng Confédératioun déi aus a ganz besonneg duerch hir Ënnerorganisatioun bestoe kann. An do gi mir als AGC eiser Roll am Intérêt alle Beamten a ganz besonneg am Intérêt vun de Redaktere gerecht, esou wéi mir dat an der Vergaangenheet gemaach an esou wéi mir dat och an Zukunft maache wäerten.

Ech soen iech Merci!